

# *La Sortie du Jambonneau*

Haut Samschdes den 30. Oktober 2021 stoung fir d´Fëscher vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg zu Hompré an der Belsch eis Sortie du Jambonneau um Programm, oder deen bëssen Reen mëscht dach engem richtegen Fëscher Näischt aus oder...... Nu jee ee bëssen manner hätt et schonn kënnen reenen. Et haten sech awer 14 Fëscher dëser Erausfuerderung gestallt an sollten een naassen Dag mat wéineg Fësch erliewen mee och dat gehéiert zu eisem Club Liewen derzou an ewéi ëmmer hunn mir dat Bescht doraus gemaach.





Huet Gëschter nach den ganzen Dag iwwer d´Sonn geschéngt sou war et Haut séier domat eriwwer an et huet geschott ewéi mat Eemeren. Mee ewéi ech mech op de Wee ronderëm den Weier gemaach hunn sinn ech fir d´éischt beim Jemp laanscht komm an wat soll ech soen, Hien huet iwwert dat ganzt Gesiicht gestraalt, hat Hien dach schonn bis dohinner vill Fësch gefaangen, senger Ausso no hätt Hien nach Nie esouvill Fësch zu La Strange gefaangen. Dat hunn ech dunn dann och direkt op Foto festgehalen ewell Hien och deen Eenzegen war deen esou gutt gefaangen huet.











Eis Fëscher waren trotz dem schlechten Wieder frou erëm beim Waasser ze stoen ass dat dach erëm een weideren Schratt zeréck zur Normalitéit aus deier schwéierer Zäit wou eist Club Liewen net stattfannen konnt.









Et war esou een richtegen Hierschtdag wat mat secg bruecht huet dass eis Fëscher frou waren ewéi se ee bëssen konnten ënner Dach goen fir sech ze dreschnen woubäi mir beim Jambonneau ukomm wären, séier war all déi Méi vergiess an mir hunn eis iwwert d´Schwéngs Haxen hir gemaach.



